PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/11/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa weiderzeleeden.

Ambassaden erlaben et engem Land seng eege Strategie an och seng eege Positioun an engem anere Land ze vertrieden. Gläichzäiteg kennen duerch si international Relatiounen opgebaut an d'Interesse vum Land a vu senge Biergerinnen a Bierger besser vertruede ginn.

Ambassaden erlaben et lëtzebuergesche Firmen doriwwer eraus, duerch hiert qualifizéiert Personal, méi einfach Zougang zu frieme Mäert ze kréien, an hëllefen Firmen aus dem Ausland op Lëtzebuerg ze lackelen. Esou spillen Ambassaden nieft dem reng diplomatesche Volet och eng ekonomesch Roll an erméiglechen et esou, eis Ekonomie ze diversifizéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Ambassadë vun EU-Partner (EU27) si pro Land, an deem Lëtzebuerg keng Ambassade huet, vertrueden?

2. Opgeschlësselt no Ambassade, a wéi ville Länner ass déi jeeweileg lëtzebuergesch Ambassadrice, bzw. dee jeeweilegen Ambassadeur, als "non-résident" akkreditéiert?

3. A wéi enge Länner gesäit de Minister eng Prioritéit, fir eng lëtzebuergesch diplomatesch Missioun opzemaachen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député